Dideléng, den 3o. August 1986

Här Buurgemeeschter, dir Hären Schëffen a Kônselljeen
dir Hären Deputéiert, dir Dammen an dir Hären
Léiw Komerodinnen a Komeroden,

Am Numm vun den EdF, sectioun Diddeléng hun ech d'Eier iech ze begréissen an härzlech merci ze soen, dass dir ons d'Fréd mat, an esou grousser Zuel, haut de Mettech mat ons deser schéiner Platz, hei bei der Kiirch, en Numm ze gin. D'"Zwangsrekrutéierteplatz" soll sie héschen, esou wéi et op desem Steen steht, dé mir elo gleich inauguréieren.

Dese Steen mat engem Strosseschëld ass a gett ké Monument; ké Monumnet aux Morts. Onse "Monument aux Morts" steht do ënnen bei der Gare an et ass do wou mir Diddeléngen, bei alle passenden Gelegenhéten onsen Doudegen gedenken an éieren. Un déi erönneren déi a schwéierer Zeit hirt Liewen fir ons Hémecht gin hun; fir d'Freiheet on d'Onofhängegkeet vun onsem Land; siew dat a Prisongen a Kazetter, an der Deportatioun oder als Zwangsrekrutéiert, an de Gefangenelager oder fréizeiteg gestuerwen, am Maquis oder an den alliéierten Arméien.

Dese Steen awer hei, am Zentrum vun onser schéiner Staad, mat der Opschreft:

Zwangsrekrutéierteplatz
place des enrôlés de force
Joergäng 192o-1927

soll ons, ons Kanner an dei kommend Generatioun drun erënneren, dass och Diddelénger Jugend am 2. Weltkrich schwéier Affer u Blutzoll huet misse bréngen. Vun doheem verschléeft, oft virgezunn sech selver ze afferen fir sénger Famill, Papp, Mam a Gesechter de Wé an d'Kazett an d'Emsiedlung ze erspueren, hu sie missen eng verhassten Uniform droen, grausam Ennerdréckung an Entbierungen erdroen, gouven a jonke Joeren krank a mutiléiert, awer de Glawen un hir Hémecht, un d'Freiheet an d'Onofhängegkeet hu sie nie opgin. A fir dass dat net soll vergiess gin, dofir steht dese Steen hei:

Fir dass awer och nach no honnerte vu Joeren, wann eng Kéier fleit d'Bild vun Diddeléng ännert an dese Steen geréckelt muss gin oder verschwanne soll, nach gewosst gett firwat dese Steen opgericht gouw, dofir hu mir an de Sockel eng Urn agemauert an déer niewend engem Dokument och Geld a Mönzen aus eiser Zeit leien.
Den Text vun desem Dokument ass dé folgenden:

# Am Joër 1986, den 30. August,

**gouf dëse Steen hei opgeriicht, fir dëser Plaz den Numm „Zwangsrekrutéierteplaz" ze gin, als Undenken un Zwangsrekrutéierung vun de Lëtzebuerger Medercher a Jonge vun de Jorgänk 1920 - 1927**

*Am zwete Weltkrich, während der däitscher Occupatioun vum Lëtzebuerger Land, wore si an déi preisesch "Wehrmacht" an an d'paramilitäresch Organisatioune verschleeft. Vill vun hinne si gefall, wore vermësst, méi wéi 40°/o sin un Entbierongen, Krankhéiten an a Gefaangeschaft ëmkomm. Vill si krank a mutiléiert heem komm a si fréizäiteg gestuerwen. Ronn 3000 konnte sech der Zwangsrekrutéierung als Refraktär entzéien, sin ënnergedaucht oder hu sech am Maquis an an den alliéierten Arméie géint den Ennerdrécker gewiert.*

*Vun Diddeléng wore 557 Jonge verschleeft gin (Zwangsrekrutéiert) dovunner si 85 vermësst, erschoss a gefall.*

D'Sectioun Diddeléng vun der Associatioun vun den Zwangsrekrutéierte seet der Gemeng Diddeleng merci fir d'Benennung vun dëser Plaz.

Mir hun d'Awdiong vun deser "Zwnagrekrutéierteplatz" op desen Dâg, den 3o. August, geluecht, well den 3o. August 1942 d'Preisen hei zu Lëtzebuerg illegal a völkerrechtswidreg d'Lëtzebuerger vun de Joergäng 192o bis 1924 an dono och bis 1927 mat an hir "Wehrmacht" gezwongen haten. Wirklech de schwärzten a fatalsten Dag an der Letzebuerger Geschicht, mat dém de schwéiere Calvaire vun der démoleger Jugend ugangen ass.

Dese Steen huet awer och nach eng weider Bedeitung:
Et ass e Steen aus onsem Minettbuedem, esou wéi e gewuess ass a mir e fond hun. Och als solchen e Symbol hei am Zentrum vun onser Uertschaft, de Symbol vum Minett dém Diddeléng sein Opschwonk, sein Wuelstand a séng Gréisst ze verdanken huet. Och doerunner soll dese Steen déi kommend Generatioun erënneren.

Mir Diddelénger sin net déi éischt déi esou eng Erennerungstafel opstellen. Aner Uertschaften hu Strossen, Wéer a Platzen och an dem Sënn benannt. Awer, ech mengen dass mir kënnen houfrech op des Realisatioun sin an dass och dese Steen sech harmonesch an dat schéint Bild erapasst wat elo Joer fir Joer hei bei ons mat sénge Bém, Grings a Blummen emmer méi schéi get.

An dofir soe mir ganz speziell onse Gemengeautoritéiten, mam Här Buurgemeeschter Rech un der Spetz e wärmste Merci. Merci dass sie ouni Zécken onsem Wonsch nokom sin an nët nemmen d'Oprichten vun dësem Steen erlabt hun mä och nach d'Föllement, den Transport an d'Opstellen op hir Käschten geholl hun. Och si mir hinnen dankbar fir déi Receptioun déi sie ons no deser Zeremonie am Staadhaus offréieren a wouhinner all Invitéen härzlech invitéiert sin. Den Hären vum gemengen techneschen Dingscht, den Gemengenhandwierker, Arbechter a Gärtner eise Merci fir hir Hëllef an Ennerstetzung beim Transport, Botzen, Opstellen an Ubréngen vom Strosseschëld.

Awer och e spezielle Merci dem Här Jean Walentiny, Conservateur am Diddelénger Musée dén ons behelleflech war fir dese passenden Steen an onse Minettbierger ze fannen.

Och den Hären Niedercorn an Hoffmann vun der Arbed, service des Domaines, soe mir merci, dass sie ons erlabt hun op Arbeds Terrain dese Steen ze sichen an dierfen ewech ze huelen.

E grousse Frënd vun den Diddelénger EdF, den Här Henri Eischer, huet ons, wéi schon esou oft net am Stach geloss an d'Dokument fir an d'Urn ennert dem Steen handschreftlech gezéchent. Him fir desen Devouement e wärmste Merci.

D'Strosseschëld op dem Steen hu mir an den Ateliers Jean Grun vu Letzebuerg bestallt, awer géngt Bezuelen dovunner huet den Här Grün sech gewiert. Bei déer Gelegenhet huet hien un den Asatz vun senger Famill, Papp a Monien am Krich fir Zwangsrekrutéiert erönnert a gemengt wa schon démols alles fir "d'Jonge" gemach gouw, da géiw hien sech och elo 4o Joer dono eng Eier draus machen dest Schëld ze steften. Dem Här Jean Grün e grousse Merci fir sei Geste.

Bei ménge Mercien dierf ech awer och d'Musék "Forge du Sud" net vergiessen. Obschon nach Vakanz, huet hir Presidentin d'Madame Capus an och den Tom Kolacovic alles drun gesat fir de noudwendegen Corps zesummen ze kréien fir desen Zeremonien de wirdege musikalesche Cader ze gin. Hinnen an alle Musikanten villmols Merci.

Merci awer och engem gudde Komerod an EdF , dem Adjudant Major honoraire an Dirigent vun der Garnisounsmusék, dem Josy Comes, dén der Forge du Sud d'Partituren vun dem Marche "Ons Jongen" vum Pol Albrecht, dé mir elo grad héieren hun, verschaft huet. Bei der Enthüllung vum Steen héiere mir "De Choral "Les Sacrifiés", componéiert, an der "Forge du Sud" offréiert, vum selveschten Josy Comes.

Wann ech ronderem mech kucken da gesinn ech vill gud Frenn, Bekannten a Sympatisanten vun den EdF. Do weel ech virun allem d'Delegatioun vun der Amicale der Anciens de la Résistance vun Differdang an Environ begréissen, ugefouert vun hirem Eierepresident Nekkel Kremer a Prësident René Grüneisen.

De grousse Frend vun den Zwangsrekrutéierte de René Guirsch, prësident vum LRL an Initiator an der Aktioun Hondbech.

De President Leo Beckius vun der Amicale des Volontaires de Guerre 44-45.

Et frét mech och ganz speziell d'Vertrieder vun der Fédératioun "Eist Land - eis Sproch" bei eis ze gesin, op dénen hir Höllef ons Sektioun schon oft zeréck greife kont fir Letzebuergesch Texter korrekt ze redigéieren. Merci fir ärt Kommen a Merci fir är Höllef.

E Merci de Vertrieder vun Gendarmerie, Police, Douane, Steierverwaltung, de Pompjéen an Chorale Cecilia, alles Organisatiounen déi haut wéi och bei aner Gelegenhéten durch hir Présenzen hir Sympatien fir d'EdF ausdrécken.

An zum Schluss dierf ech awer och d'Delegatiounen vun de Sektiounen vun den Edf vun Rodange bis an den Réiserbann net vergiessen, déi wéi esou oft, wellen derbei sin, wann déi Diddelénger Komeroden eng Feier hun. Ech hu gesot vun Rodange bis de Réiserbann fir se net all opzezielen, mä erfirstraichen muss ech dach awer, ouni dass déi aner mir dierfen dofir béiss ze sinn, och d'Sectioun Letzebuerg mat hirem Fuendel an direkt Nopesch Sektioun Kayl Téiténg mat enger aussergewéinlecher starker Delegatioun.

Ménge Komeroden aus dem Zentral a Federatiounskomitée Merci fir hirt Kommen, den Elteren an den Vertrieder vun de Survivants, an e leschte Merci un all méng Komeroden aus dem Sektiounskomitéé, durch dénen hiren permanenten an onégenötzegen Asatz et méiglech war och des Réalisatioun vun den Diddelénger EdF ferdeg ze bréngen. Allen déi hei sin merci fir är Participatioun a wann ech é vergiess sollt hun dann ass et nët mat Absicht geschitt an ech entschöllege merch dofir am viraus.